**Evangelium vun Ouschterméindeg (Joer A - B - C)**

**Mt 28,8-15**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*
*A. Dir all Éier, Här.*

8 Nodeems d'Fraen dem Engel seng Wierder héieren haten,
sinn si huerteg vum Graf fortgaang,
voller Angscht, ma och mat grousser Freed,
an si si gelaf, fir de Jünger et ze verzielen.

9 A kuck, de Jesus ass hinne begéint
a sot: "Freet iech!"
Si sinn op hien duergaang,
hunn sech virun him niddergehäit
an hunn hien ugebiet.
10 Du sot de Jesus zu hinnen:
"Fäert net!
Gitt a sot menge Bridder,
datt si a Galiläa goe sollen;
do kréien si mech ze gesinn."

11 Iwwerdeems d'Fraen dohi gaang sinn,
kuck, du sinn der e puer vun de Wiechter an d'Stad komm
an hunn den Hohepriister alles verzielt, wat geschitt war.
12 Nodeems dës mat deenen Eelsten zesummekomm waren
an sech mat hinne beroden haten,
hunn si den Zaldote genuch Sëlwermënze ginn
13 a soten: "Verzielt dorëmmer:
'Seng Jünger sinn an der Nuecht komm, wéi mir geschlof hunn,
an si hunn hie gestuel.'
14 A wann de Gouverneur dovun héiere sollt,
dann iwwerzeege mir hien,
esou datt dir iech keng Suergen ze maache braucht."
15 D'Zaldoten hunn d'Sëlwermënze geholl
a gemaach, wéi si gesot kritt haten.
A bis haut ass dës Versioun bei de Judde verbreet.

*G.* *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A.* *Dech, Christus, luewe mir.*